REÇU le
27 AVR. 2026
Rép : ..............................

SANDWEILER
sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 27. Abrëll 2026

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 30. Abrëll 2026**

Här Buergermeeschter a Memberen aus dem Schäfferot,

Am Numm vun der CSV Sandweiler biede mir Iech an der nächster Gemengerotssëtzung vum 30.04.2026 zu follgende Froen am Detail Stellung ze huelen. An der Suite biede mir Iech ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen. Et sief drop higewisen dass de Gemengerot eng Kontrollmissioun vis-à-vis vum Schäfferot an dofir Recht op konkret a vollstänneg Äntwerten huet.

**Fro 1:**

Ufank Februar 2026 hunn d'Ministere Lex Delles a Serge Wilmes e Bilan gezu vum vum "appel à projets Smart City".

- Hat ons Gemeng, fir Sandweiler fit fir d'Zukunft ze maachen, bei dësem Opruff och ë Projet eragereecht? Wann jo, wéi een?

Et gouf och en 2. Opruff mat Kandidaturdelai fixéiert op den 15.03.2026.

- Huet d'Gemeng do en Dossier eran ze ginn? Wann jo, wéi een?

**Fro 2:**

Am Sandweiler Aktuell 05-2026 huet d'Gemeng en Opruff un d'Bierger gemaach fir Spillplazen ze respektéieren.

- Wéi vill Akte vu Vandalismus un ëffentlechem Eegentum (net just Spillplazen) gouf et 2025 an 2026 zu Sandweiler?
- Wéi vill huet dat d'Gemeng kascht?

**Fro 3:**

An der Sëtzung vum 10.03.2026 hate mir dem Schäfferot follgend Fro gestallt:

—

Säit der éischter Gemengerotssëtzung no de leschte Walen, huet de Gemengerot ob Demande vum Schäfferot, eng ganz Rëtsch Punkte vum Ordre du jour ajournéiert.

- Wéi vill Punkte sinn dat der bis haut?
- Em wat vir eng Punkten handelt et sech genau?
- Wéini gedenkt de Schäfferot déi nach eng Kéier op Dagesuerdnung ze sëtze fir dat de Gemengerot kann doriwwer ofstëmmen?

—

Dës Fro gouf weder an der Sëtzung nach dono schrëftlech beäntwert. Mir géingen Iech bieden ons dës Fro haut ze beäntweren a mir verweisen dobäi op de Bréif, de Bréif vum Ministère des Affaires intérieures vum 06.03.2026, nodeems mir scho mol wéinst enger anerer Fro reklaméiert haten:

*"Pourtant, il importe de rappeler que la loi communale confère au conseil communal une mission de contrôle à l'égard du collège des bourgmestre et échevins. À ce titre, les informations sollicitées par un conseiller dans le cadre de l'article 25 de la loi communale du 13 décembre 1988 telle que modifiée doivent être fournies de manière à intégrer l'ensemble des éléments permettant de considérer la question comme pleinement traitée. "*

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère